



N° 7494
Entrée le 20.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.01.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleden.

Mir gouf ee Fall zougedroen, wou eng Persoun d'Transkriptioun vun engem auslännesche Führerschäin an e Lëtzebuergeresche Führerschäin ugefrot huet. An engem Bréif gouf déi betraffe Persoun opgefuerdert, fir innerhalb vu 4 Wochen ee rezente psychiatresche Rapport eranzeschécken, deem am Detail attestéiert, dass et bei der betraffener Persoun keng medezinesch Conter-Indicatiounen, fir d'Fuere vun engem motoriséierte Gefier gëtt. Sollt déi betraffe Persoun där Opfuerderung net nokommen, géif hir Demande ofgeleent ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Virum Hannergrond vun engem groussen Mangel un Dokteren am Beräich vun der Psychiatrie, wéi kann e Ministère vun enger Persoun innerhalb vu 4 Woche e rezente psychiatresche Rapport fuerderen, wëssend, dass et laang Waardezäite fir e Rendezvous bei engem Psychiater gëtt?
2. Sollten dës kuerz Delaie gesetzlech virgeschriwwen sinn, firwat goufen dës Delaien nach net ëmgeännert, fir se un déi aktuell ganz problematesch Situatioun bei verschidden Dokteren unzepassen?
3. Sollten dës kuerz Delaie gesetzlech virgeschriwwen sinn, gedenkt de Minister dës Delaien un déi aktuell ganz problematesch Situatioun bei verschidden Dokteren unzepassen?
 - Wa jo, wéini?
 - Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten



www.piraten.lu